# BATTER SÉISS


De Cabaret Batter Séiss presentéiert:

***säi Cabaret ’s-Owend 2025***

# Dat kann dach net sinn!

mam Maryse Dondelinger, Vicky Wagner, Thierry Feiereisen a Rob Wagner



Et ass einfach verréckt, wat alles esou an onser Zäit passéiert. Net nëmmen an der Politik, sief dat weltwäit, national oder och ronderëm de Kierchtuerm, ginn di komeschste Geschichte gebueden. Do gëtt net just geriet, et gëtt och gelunn, erfonnt, geflunkert, palavert a gesabbelt. A wat méi derniewent a falsch, wat d’Leit et anscheinend léiwer hunn. Déi Impressioun huet een zumindest emol a wéi oft huet ee scho gesot: **“Dat kann dach net sinn!”**.

Och am Alldag geet et oft drënner an driwwer. An der Famill, mat de Frënn, am Verkéier, op Facebook oder soss iergendwou am Internet, an d’Lëscht ass laang. Et gi Saache gemaach, gesot, behaapt, et gëtt gestridden, sech zermault, ee mécht deem aner Frechheeten, et gëtt dichteg beleidegt, gemobbt, an nach villes méi. An da kennt och nach de Poopst en Espresso an d’Ënnescht Gaass drénken. Ass dat ons Gesellschaft wierklech**? “Dat kann dach net sinn!”** Et ass se mat Sécherheet och, mee net nëmmen. Et gi bestëmmt och méi witzeg Geschichten! An de Batter Séiss befaasst sech an éischter Linn mat dëse Geschichten. Driwwer laachen ass definitiv besser wéi driwwer ze kräischen, och wann dat dacks di richteg Reaktioun drop wär.

Mat Texter a Lidder beschäftegt sech de Batter Séiss op seng gewinnte witzeg Aart a Weis mat dësen Thematiken. Et ass dem Ensembel säin 13. Programm, deen ënnert der Regie vum Rob Wagner steet a vun den Actrice , Maryse Dondelinger a Vicky Wagner zesumme mat den  Acteuren Thierry Feiereisen a Rob Wagner gespillt gëtt. D’ Texter vun de Sketcher an de Lidder sinn zum groussen Deel vum Cabaret Batter Séiss selwer a goufe geschriwwe vum Vicky a vum Rob Wagner. De Programm ass wéi gewinnt an zwee Deeler an all Deel dauert ronn eng Stonn.

## Samedi 8 mars 2025 à 20 h 00

## Entrée 15 €

Réservations par courriel : info@konschtmillen.lu